PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 02/10/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Emwelt, Klima a nohalteg Entwécklung weiderzeleeden.

Op Eventer oder Fester si Gadgeten ee gutt Mëttel fir mat de Participanten an d'Gespréich ze kommen a fir beim Géigeniwwer an Erënnerung ze bleiwen. Och beim Staat gräife verschidde Ministèren op Gadgeten zeréck, déi dann op Eventer verdeelt ginn. Esou sinn op verschiddene Events, un deene Administratiounen deelhuelen heiansdo Loftballone mat der Opschréft "Letz make it happen" ze gesinn, déi dekorativ opgehaangen oder verdeelt ginn.

A Kreesser vun Ëmweltschützer gi virun allem d'Loftballone schaarf kritiséiert, well et sech ëm Plastik handelt, deen no enger eemoleger Notzung bal ëmmer an der Dreckskëscht, oder nach schlëmmer an der Natur lant wou Déieren drun erstecke kënnen.

Am Kader vun der neier EU-Richtlinn iwwert de Verbuet vun Einwegplastik gi Loftballonen net verbueden, mee ënnerstinn enger Kennzeechefliicht. Trotzdeem bleift d'Fro, ob Ballonen am Kader vun Eventer wierklech néideg sinn.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi vill Suen si vun 2013 bis 2019 fir Loftballonen ausgi ginn? Wéi vill Stock u Loftballonen existéieren aktuell nach bei de Ministèren?

2. Wäert d'Regierung an allen ëffentlechen Institutiounen an noer Zukunft op de Gebrauch vu Loftballone souwéi anere Gadgeten aus Plastik verzichten?

3. Deelt d'Madamm Ministesch d'Bedenken, dass Loftballonen eng Ressourcëverschwendung an ee Risiko fir d'Ëmwelt duerstellen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange